ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Motioun

De Gemengerot stellt fest, datt:

- bei der Presentatioun vun de PRS'en, praktesch all Schoul aus der Stad sech ëm Léisunge beméit, fir de „Schoulklima“ ze verbesseren,zum Deel fir d'Aggressivitéit erof ze setzen an d'Motivatioun vun de Kanner ze héijen;

- z.B. d'Schoul Dummeldeng spezifesch de Rôle vun der Mediatioun vun der Educatrice ernimmt;

- duerch d'erof setze vum Kontingent ëmmer manner Reserve bei den eigentlechen Enseignante bestinn, fir sech ëm Kanner mat punktuelle Problemer ze këmmeren ouni dass dëst ze de Laaschte vum Rescht vun der Klass geet;

- bei der Preparatioun vun der Schoulorganisatioun de Besoin vun de Poste vun Educateurs/trices gradué(es) op 22,75 Vollzäitplaze geschat ginn ass;

- awer nëmme 17,25 Vollzäitplazen accordéiert goufen;

- d'Schoule vun Zéisseng a vum Kierchbierg iwwert keen Educateur verfügen;

- et Noutwenneg ass, datt all Schoul iwwert mindestens ee Vollzäitposten als Educteur/trice verfügt;

- d'Schoulgesetzer vum 6. Februar 2009 et net expressis verbis verbidden, datt Gemengen op hir eege Käschten Educateuren astelle fir an der Grondschoul ze intervenéieren (*).

Dowéinst fuerdert de Gemengerot de Schäfferot op:

- am Laf vum Schouljoer 2014-2015, an eege Regie, Educateuren/tricen fir d'Besoine vun de Grondschoulen anzestellen, esou datt mindestens den Effektiv vun 22,75 Vollzäitplazen erreecht gëtt;

- an d'Zukunft ze suergen, och a Verhandlunge mat der Regierung, datt all Schoul iwwert mindestens 1 Vollzäitposten Educateur verfügt.

(*) Extraits du Mémorial A- No 20 du 16 février 2009

Limitation du nombre d'enseignants:

Loi portant organisation de l'enseignement fondamental, article 38:

Le conseil communal délibère annuellement sur l'organisation de l'enseignement fondamental, sur la base des rapports établis par les comités d'école, avisés par la commission scolaire et dans le respect du contingent de leçons d'enseignement qui est mis à sa disposition par le ministre.

Cette limitation n'est signalée nulle part pour ce qui concerne les éducateurs.

L'article 76. prévoit les prestations dépassant le cadre du contingent.

Art. 76. 1. Les rémunérations du personnel des écoles visé à l'article 67 sont à charge de l'État à l'exception des rémunérations pour prestations dépassant le cadre du contingent qui sont à charge de la commune respective.

L'article 67 énumère le personnel intervenant dans l'enseignement fondamental, dont les éducateurs et les éducateurs gradués.